Fir eng proaktiv Familjepolitik

Pressekonferenz vum 12. November 2014

Alternativ Perspektiven

- D'edukativ Aarbecht vun der Mamm oder dem Papp doheem valoriséieren
- De Wärt vum Kand, a wat ët eiser Gesellschaft bréngt, erausstellen
- De Choix huet d'Famill
- Ennerstëtzung, op d'Famill zu zwee schafft oder nët
- Sozial Ofsëcherung vun der Fra oder vum Mann, déi nët schaffen gin (Pensioun)
- Soziale Kritär duerch deelweis Besteierung
- Manner administrativ Aarbecht
- Manner Investitiounen a Betreiungsplazen
- Global Erspuernisser

Alternativ Propos

Fir Elteren, déi Kanner an eng Struktur gin

De Staat proposéiert eng Gratisbetreiung. Eng Plaz an enger Struktur kascht ongeféier 1700 € de Mount Fonktionementskäschten an 30.000 € Investissement. Fir e sozialen Kritär ze respektéieren sollt een Deel vun de Fonctionnementskäschten als Revenue imposable ugerechent ginn. E Fräibetrag sollt esou berechent ginn, dass Familje mat klengem Akommes nët steierlech belaascht gin.

D'Regierung proposéiert, d'Kannergeld ze kierzen, d'ADR wëll den aktuellen System mat enger Progressioun bäibehalen. D'Kannergeld soll och an Zukunft steierfräi bleiwen.

Kannerzuel	Betreiungskäschten fir Staat oder Gemenge pro Kand	Kannergeld (Regierungspropose)	ADR-Kannergeld
1	1700	265	262,48
2	3400	530	594,48
3	5100	795	1033,38
4	6800	1060	1472,08

Fir Elteren, vun deenen een d'Kanner doheem betreit

D'Regierung strooft an hierer Propose d'Familjen, wou ee Partner doheem d'Kanner betreit an hëllt dëse Familjen praktzesch all Hëllefen ewech. D'ADR proposéiert fir deen Elterendeel, deen doheem bleiwt, e Betreiungsgeld.

Kannerzuel	Gestaffelt ADR-Betreiungszoulag	Kannergeld (Regierungspropose)	ADR-Kannergeld
1	1000	265	262,48
2	1750	530	594,48
3	2250	795	1033,38
4	2500	1060	1472,08

Dës Betreiungszoulag ass nët steierfräi, mais zielt als Revenue imposable an ët ginn och obligatoresch Cotisatiounen fir d'Pensiounskeess bezuelt. E Steierfräibetrag suergt fir sozial Gerechtegkeet bei Familjen, déi manner verdingen.

Bruttokäschtevergläich tëscht deenen zwee Modeller (ouni Kannergeld)

Kannerzuel	Kannerbetreiung doheem	Kannerbetreiung an enger Struktur	Differenz
1	1000	1700	700
2	1750	3400	1650
3	2250	5100	2850
4	2500	6800	4300